# 2025/26 : COURS À OPTION – CLASSES DE 2E/1ERE

## Titre : Photographie Contemporaine

Titulaire(s) du cours : Christian Schaack
Classes : 2ièmes/1ières
Jour et horaire : Vendredi de 12h35 à 14h20
Salle : Informatique 2
Nombre maximal d'élèves : 22

### Ziiler an Objektiver vun der Optioun

- Idem wéi fir d'3ièmes Optioun, just verdéiwt…
- D'Fotografie als Ausdrock- a Kommunikatiounsmëttel weider pfleege
- Fotoen aus der zaitgenösseger Konscht verstoe léire
- E Bild liese kënne, seng Inhalter a Message entziffere kënne
- Bewosst beobachte léire, gewëssenhaft kucke kënne
- Eng perséinlech fotografesch Handschrëft entwéckele, sai Stil fanne
- Eng perséinlech fotografesch Iddi pro Trimester selwer fanne
- Eng fotografesch Recherche ugoe an färdeg brénge
- Fotoe schaafe déi eng kohärent Form zum Inhalt opweise
- Iwerraschend an onerwaart Biller schaafe kënne
- Photoshop benotze léire
- Eng kléng Story mat engem Bild erziele kënne, den sougenannte Storytelling

### Programm

Folgend geziilte Übungen an Aufgabe maachen esou dass des uewendriwer stoend Kompetenzen oder « basic skills » erreecht gi:

Cadréiren léire, d'Blenden vum Fotoapparat beherrsche léire, verschidde fotografesch Technike léire, den richtege Bléckwénkel siche léire, den Storytelling erléire an eng déifgoend fotografesch Recherche oder Dokumentatioun ugoe léire.

Am Cours gin och Wierker vun ganz wichtege zaitgenössege Fotografen analyséiert an diskutéiert. Et geet och drems während de Course an klénge Gruppen eng Gruppendynamik s'entwéckele fir esou Initiativen oder Iddien souwuel individuel wéi och kollektiv entstoe ze loosse.

Am beschten wier et wann jiddfereen sain eegene digitale Fotoapparat besëtze géing. Den LGE stellt awer och e puer Fotoapparate zur Verfügung. Den Handy ass net erwënscht, well een net durch ee Viseur cadréiert…

D'Übungen an Exercisser aus de Course gin glaichberechtegt verrechent mam perséinleche Projet. Jiddfereen muss wéi gesoot een « travail personnel « pro Trimester a relativer Autonomie eegestänneg entwéckele.

## Virgeensweis an Oflaaf

Déi theoretesch Aféirungen an Analyse esou wéi d'Séance op Photoshop fannen am Infosall 1 statt. Déi praktesch Übungen an Exercisser laafen a Form vun Mini-Workshope of, regelméisseg nei Aufgabe a Sujete rythméire des Stonnen. Des praktesch Course gin nom Modus « Street Photography » bei all Wieder an de Stroosse vun Esch ofgehale, ausser wann et reent… Dobai braucht der dann äre Fotoapparat an mir entdecke esou déi verschidde Escher Quartiere.

D'Biller dei esou entsti gi regelméisseg an Ausstellunge gewise, vun Zait zu Zait entwerfe mer och Reklamen, Fotosbicher, Fotoromaner, mache Fotosreportage, partizipéire u Concourse oder entwéckele Fotogeschichten. Jiddfereen därf sech dobai esou frai ausdrécke wéi d'Gesetz et erlaabt. Dest Joer steet eng Zesummenarbecht mat enger international unerkannter Fotografin um Programm, dest fir d'Ängschte vun de Jugendleche duerzestelle. Dest geschitt emmer ausgoend vun enger Iwerleeung, enger Recherche, enger déiwer Réflexioun am Austausch mat der Künstlerin.

Am Résumé gi d'Kompetenze déi op 3ième erreecht goufen, weider verdéiwt. Technesch Kompetenze an inhaltlech Iwerleeunge gi just méi wait gedriwe, ënnert anerem den Storytelling.

## Ziilpublikum

Et soll een d'Fotografie gären hu, et soll ee kreativ schaffe wëlle an dat egal op wéi enger Sektioun ee grad ass. Ween sech gären ausdréckt, gäre matdeelt, eppes iwert eis Welt matdeele wëll duerch seng Biller ass demno op der richteger Plaatz. Et soll ee gäre kommunikéire, d'Konscht interessant fannen an och Zesummenarbecht mat anere Klassekomerode siche. Schüler a Schülerinne déi gären iwert Iddie nodenke, déi gären originell Iddie siche, déi gären autonom ganz perséinlech Arbechte entwéckele wëlle, déi « open minded » sin an och allgemeng eng grouss Sensibilitéit hu, laie hei och richteg.

## Noutwendegt Equipement

Sain eegene digitale Fotoapparat besëtze, égal wéi performant en ass, wier schon erwënscht.